

A FORM

WEIGHT MANAGEMENT PROGRAM

An dësem Programm kriss du alles wat mir kënnen, an alles wat mir wëssen. De **WEIGHT MANAGEMENT PROGRAM** ass eise beschte Programm, wann et däin Ziel ass deng Fitness ze verbesseren, Fett ze verbrennen a besser auszegesinn.

A regelméissegem Ofstänn lancéiere mir Gruppen mat **maximal 6 Leit**. Dës kleng Gruppen erméiglechen eis eng individuell Betreung a virun allem eng héich Effektivitéit.

Dëse Programm ass onofhängeg vun engem Abonnement. Dat heescht du hues d'Méiglechkeet um WMP deel ze huelen ouni weider Verpflichtungen müssen anzegoen.

Fir sécher Resultater ze hunn maache mir mat all Grupp en **Ernährungscoaching**. Am Kader vun engem Seminaire gëss du alles iwwert d'Ernährung gewuer wat wichteg ass. Dobäi kennt dass mir dir genau erklären wéi mir trainéieren, a firwat. Dëse Seminaire ass d'Basis vum WMP. Hei krit och Jiddereen en Handout wou een alleguer d'Informatiounen nach eng Kéier kann noliesen.

Nom Seminaire hues du dann d'Méiglechkeet an engem 6 Wochen Programm 2 mol d'Woch mat dengem Coach ze trainéieren.

An dësen 12 Traininger, déi alleguer vun dengem Trainer gecoacht ginn, huele mir zesummen dat bescht méiglecht Resultat eraus.

Zousätzlech zu dësen Traininger, huet Jiddereen d'Méiglechkeet fir den Zäitraum vum Programm un all Group Training deel ze huelen an och do ze trainéieren.

E genaue Suivi an eng kontinuierlech Evaluatioun am Verlaf vum Programm ass eis immens wichteg. Mir loossen eis u Resultater moossen, an et soll keen um Programm deel huelen ouni Erfolleg ze hunn. Dofir ass den Ofschluss vum Programm e Meeting wou mir objektiv de Fazit zéien, an zesummen d'Resultater analyséieren.

Informéier dech wéini déi nächst Grupp start a reservéier elo deng Platz am **WEIGHT MANAGEMENT PROGRAM**.

Komm AFORM!